N°2108
Luxembourg, le 30.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vum Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 2108 vum 18. Mäerz 2025 vun der honorabeler Deputéiert Madame Françoise Kemp.**

Zu Lëtzebuerg ginn d'endokrin Disruptoren op Basis vun der Europäescher Gesetzgebung a Richtlinnen traitéiert. D'Europäesch Kommissioun huet dës Substanzen op EU-Niveau ënner Gesetzgebunge wéi REACH (Enregistrement, Evaluatioun, Autorisatioun a Restriktioun vu Chemikalien) an CLP (Klassifikatioun, Etikettéierung a Verpakung) adresséiert. Ënner REACH goufen d'endokrin Disruptoren als besonnesch besuergneserreegend Substanze (SVHC) identifizéiert. Nieft de scho bekannten endokrinnen Disruptoren, gëtt et momentan och eng laang Lëscht u Substanzen déi aktiv vun der Europäescher Chemikalienagence (ECHA) an de Memberstaaten analyséiert gi fir weider endokrin Disruptoren z'identifizéieren. D'ECHA informéiert op hirer Websäit spezifesch zu deem Thema.

D'Zil vun deenen Ustrengungen déi vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit aktiv suivéiert ginn ass d'Benotzung vun dëse Substanzen ze reduzéieren an se an Zukunft duerch méi sécher Alternativen ze ersetzen.

- *Wéi plangt d'Regierung d'Bevëlkerung iwwert déi gesondheetlech an ëmwelttechnesch Risike vun endokrinnen Disruptoren opzeklären?*

D'Gesondheetsdirektioun ass amgaang eng Strategie opzestellen fir déi vulnerabelst Populatiounen ze sensibiliséieren, dorënner fale schwanger Fraen, kleng Kanner a Jugendlecher.

Et ass wichteg d'Expositioun ze reduzéieren an d'Preventioun ze verbesseren, besonnesch an den éischten 1.000 Deeg (vum Ufank vun der Schwangerschaft bis zum Alter vun zwee Joer vum Kand). Dëst fir ënnert anerem d'Gefor vu chronesche Krankheeten esou wéi och Problemer mam Immunsystem ze reduzéieren.

Verschidde Moossname sinn en place gesat ginn, oder nach amgaang ëmgesat ze ginn, fir d'Gesondheetsberuffler, d'Fachleit fir jonk Kanner, sou wéi déi schwanger Fraen ze sensibiliséieren. E puer vun dëse Moossname sinn hei opgezielt:

- Sensibiliséierung vun de Gesondheetsberuffler (Maternitéen, Hiewammen, etc.) am Kader vun Themendeeg,
- Sensibiliséierung vun de schwangere Fraen – Am Informatiounsdeel vum Maternitéscarnet gëtt et e Kapitel iwwer d'Santé environnementale wou d'Frae Recommandatioune kréie wéi si d'Expositioun och zu endokrinnen Disruptoren kënne limitéieren.,
- Kreatioun vun engem Guide fir Crèchë fir hinnen ze hëllefen e gesonden Environnement ze schafen,
- Studienanalysen a Schafe vun engem Guide iwwer d'Loftqualitéit am Fondamental,
- Informatiounsfichen iwwer Sonnecrèmen an d'Virsiichtsmoossnamen bei der Wiel vun dëse Produiten,
- Entwécklung vun engem Sensibiliséierungsprogramm fir Jugendlecher an de Lycéeën.

*- Wéi eng konkret Moossnamen si, niewent de Propositioune vum interministerielle Comité zu de PFAS, geplangt?*

D'Moossnamen, déi vum interministeriellen Aarbechtsgrupp PFAS ausgeschafft ginn, wäerten sech nëmmen op d'Famill vun de PFAS konzentréieren. Nieft de PFAS presentéieren awer och aner molekular Familleñ Eegenschafte vun den endokrinnen Disruptoren.

Projete wéi Biomonitoring erlaben et den Expositiounsgrad vun der Populatioun besser evaluéieren ze kënnen an hëllefen d'Preventioun am Sënn vun der santé publique ze verbesseren. Am Kader vum europäesche Projet PARC wäert eng Etüd vum LNS duerchgefouert ginn, fir Prouwen (Blutt, Urin) vun 300 Kanner, déi zu Lëtzebuerg wunnen, z'analyséieren. D'endokrin Disruptoren ginn och analyséiert. Dës Resultater hëllefen, d'Preventiounsstrategien unzepassen, fir d'Gesondheet vun der Bevëlkerung am Beschten ze schützen.

Weiderhi ginn Efforte gemaach fir d'Kontrolle vu Produiten duerch d'Ëmweltverwaltung auszebauen. Sou gouf z.B. - am Kontext vum Bisphenol A - Thermopabéier kontrolléiert an et ginn och all Joer Produiten op Phtalater, eng aner Zort vun endokrinnen Disruptoren, kontrolléiert. An Zukunft wäerten dës Kontrolle mat Hëllef vun den neisten Informatioune vun der ECHA Expertengrupp och nach weider ausgebaut an d'Resultater veröffentlecht ginn.

Eng gemeinsam Approche um Europäeschen Niveau ass wichteg fir d'Bevëlkerung besser virun den endokrinnen Disruptoren ze schützen. An deem Kontext gouf am Joer 2020 d'Strategie vun der Europäescher Unioun fir d'Nohaltegkeet am Beräich vun de chemesche Produkter ugeholl. Dës Strategie viséiert eng Ëmwelt ouni gëfteg Substanzen, andeems d'Reglementatioun vun de geféierleche Substanze verstäerkt gëtt, wärenddeem d'Innovatioun fir méi sécher an nohalteg Alternativen ënnerstëtzt gëtt.

Déi wichtegst Ziler sinn:

- Verstäerkung vun de Reegele betreffend chemesch Substanzen (schrëttweise Verbuet vun de geféierlechste Substanzen, ënner anerem fir d'Konsumenten an d'vulnerabel Zilgruppen),
- Uwende vum *principe de précaution* an d'Approche "eng Substanz, eng Bewäertung" (Harmonisatioun vun de Risiko-Bewäertunge fir méi Transparenz),
- Berécksiichtegung vum “effet Cocktail” vu chemesche Substanzen,
- Ersetze vu schiedleche Substanzen (Promotioun vun der Innovatioun fir ökologesch an ongëfteg Alternativen),
- Erofsetze vun der Expositioun mat chemesche Produkter (verstäerkte Kontroll vun PFAS, den endokrinnen Disruptoren an gëftege Mëschungen),
- Iwwergang zu enger nohalteger chemescher Industrie (finanziell Ureizer an Ënnerstëtzung vu propperen Technologien).

Dës Strategie ass Deel vum Gréngen Deal (Pacte vert) fir Europa, mam Zil, chemesch Schiedstoffer schrëttweis z'eliminéieren an d'Konkurrenzfäegkeet vum Secteur bäizebehalen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*- Wéi eng konkret Pläng ginn et, fir den Informatiounszougang bzgl. den endokrinnen Disruptoren ze verbesseren, besonnesch fir d'Konsumentinnen an d'Konsumenten?*

Informatiounen iwwer d’Consommatioun ginn am Kader vun ënnerschiddlechen Aktiounen oder Projeten an der Fro 1 ernimmt. Als Erënnerung, de Sensibiliséierungsprogramm gëtt prioritär bei de vulnerabelsten Zilgruppen esou wéi och fir d'Gesondheetsberuffler am Beräich vun der santé périnatale an am fréie Kandheetsalter ëmgesat. Zil vum Programm ass, de Persoune kloer a wëssenschaftlech begrënnt Informatiounen zur Verfügung ze stellen, fir hinnen esou ze hëllefe Produkter déi endokrin Disruptoren enthalen z’identifizéieren an z’evitéieren, (duerch e.a. erkenne vu relevante Labelen am Beräich vun der santé environnementale, Benotzung vu mobillen Apps fir endokrin Disruptoren z’identifizéieren an Etiketten ze entschlësselen, esou wéi d’Produkter besser ze erkennen déi fräi vu potentiell schiedleche Substanze sinn).

Am Kader vun den nationalen REACH & CLP Helpdesk Aktivitéite vum LIST (Luxembourg Institute of Science and Technology) ginn d’Informatiounen zu den endokrinnen Disruptoren fir Entreprisen zur Verfügung gestallt an et ginn EU Projete suivéiert déi eng besser Informatioun vum Public erlaben. Am Kader vun engem europäesche Projet zesumme mat anere Memberstaaten huet den LIST aktiv d'App Scan4Chem mat entwéckelt déi et erlaabt Produite mam Handy ze scanne fir Informatiounen iwwer SVHC, an entspriechend och endokrin Disruptoren, unzefroen.

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez